



Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2020

Speziell Konditioune fir d'Chefernennungen am Kontext vum Covid-19

Wéinst der Covid-19 Pandemie fanne säit dem 12. Mäerz keng Guiden- a Scoutsaktivitéite méi statt. Fir de Cheftainen a Chef d'Méiglechkeet ze ginn, déi néideg Ernennungen ze hunn, fir d'Summercampen 2020 kënnen z'organiséieren, leet d'Commissaire générale, op Virschlag vum Formatiounscommissaire entspreiend dem Art. 7 vum LGS-Reglement Nr 9, folgend aussergewéinlech Konditioune fir d'Ernennunge fest:

- **Ernennung als Assistent (ABC, AWC, ATC-A, ATC-C, ACC)**
Fir d'Guiden- a Scoutsjoer 2019-2020 gëtt de praktesche Stage (Art. 2.3 vum LGS Reglement Nr 8) op 9 Versammlungen (aplaz 12), 1 Weekend (aplaz 1 Weekend an 1 Weekend oder 1 Sortie) an 1 Camp reduzéiert.
- **Ernennung als Branchechef (BC, Akela, TC-A, TC-C, CC)**
Kandidaten, déi de STAP matgemaach hunn, awer nach keng Visite an hirer Unitéit haten (Art. 3.3 vum LGS-Reglement Nr 8), kënnen eng provisoersch Ernennung als Branchechef ufroen. Dës Ernennung gëllt bis de Verbandskongress 2021. D'Visite an der Unitéit, duerch de Pätter/Giedel an de Gruppechef, muss virum Oflaf vun dëser provisoescher Ernennung nogeholl ginn, fir eng regulär Ernennung op 3 Joer ze kréien.
- **Iwwerschreiw vum enger Ernennung als Branchechef**
Ernannte Branchechef, déi de Methodendag an enger anerer Branche matgemaach hunn, awer nach keng Visite an hirer Unitéit haten (Art. 2.1 vum LGS-Reglement Nr 10), kënnen eng provisoersch Ernennung als Branchechef an der neier Branche ufroen. Dës Ernennung gëllt bis de Verbandskongress 2021. D'Visite an der Unitéit, duerch Verrieder vun der Branchenekipp, muss virum Oflaf vun dëser provisoescher Ernennung nogeholl ginn, fir eng regulär Ernennung op 3 Joer ze kréien.
- **Ernennung als Gruppechef a Gruppechef adjoint (GC, GC adj.)**
Kandidaten, déi all d'Formatiounsaktivitéite fir Gruppechef (Formatiounsweekend, Administrativen Dag, Rencontrer) matgemaach hunn, awer nach keng Visite an hirem Grupperot haten (Art. 3.3 vum LGS-Reglement Nr 6), kënnen eng provisoersch Ernennung als Gruppechef oder Gruppechef adjoint ufroen. Aplaz vum schrëftlechen Accord vum Grupperot um Formulaire F10, versprécht de Kandidat - op seng Eier - dass d'Membere vum Grupperot hiren Accord fir dës Ernennung ginn hunn. Dës Ernennung gëllt bis de Verbandskongress 2021. D'Visite am Grupperot, duerch e Verrieder vun der Gruppenekip, muss virum Oflaf vun dëser provisoescher Ernennung nogeholl an de Formulaire F10 vun de Membere vum Grupperot ënnerschriwwe ginn, fir eng regulär Ernennung op 3 Joer ze kréien.

Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Verbandscomité

5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg

comite@lgs.lu | lgs.lu

1



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

VOYAGES
VANDIVINIT
Reisen mit Stil





- **Erneuerung vun Ernennungen**

Ernannte Cheftainen a Chef, déi sech während der Covid-19 Pandemie bedeitend un enger Bonne Action (z.B. Kommissiounen fir ufälleg Leit, Maske bitzen) bedeelegen, kënnen als Unerkennung fir dësen Asaz hir Ernennung fir 3 Joer erneiert kréien. Den zoustännege Gruppchef schéckt heifir eng Lëscht mat den Nimm vun de betraffene Cheftainen a Chef un d'Verbandssekretariat.

- **Zäitraum vun dëse Konditiounen**

Dës speziell Konditiounen gëlle vun deem Zäitpunkt un, wou se de Cheftainen a Chef iwwe Newsletter matgedeelt goufen, bis se vun der Commissaire générale nees ganz oder deelweis opgehewe ginn.

David Heck

Formatiounscommissaire

Anouk Galassi

Commissaire générale

